**Sektioun Gemeng Péiteng**

***www.piraten.lu***

*Tél.: 20 33 37*

*ahoi@piraten.lu*


*24. September 2024*

# Communiqué

**Communiqué vun de PIRATEN Sektioun Gemeng Péiteng betreffend der Demissioun vun eisem Gemengeconseiller Jean-Pierre Ecker**

Als Piraten am Péitenger Gemengerot deele mir iech mat, dass eise Gemengeconseiller Jean-Pierre Ecker haut vu sengem Posten demissionéiert huet. Mir si frou, dankbar, an och stolz, dass sou en engagéierte Bierger wéi hien, eis fir ee Joer am Péitenger Gemengerot representéiert huet.

De Jemp, wéi en änner Frënn genannt gëtt, sou wéi mir, wëllen ënnersträichen, dass déi Demissioun réng aus gesondheetleche Grënn ass an dass hien och weider wäert Member bei de PIRATEN bleiwen. Mir verstinn seng Entscheedung, seng Gesondheet an de Vierdergrond ze stellen a wënschen him eng laang a virun allem gesond politesch Pensioun.

De Jean-Pierre Ecker wäert am Gemengerot vum Paula Couto ersat ginn. D'Paula ass aktuell Spriecherin vum Bezierk Süden, Deel vun der Parteileedung an huet bei de Gemengewalen 2023 e gutt Resultat erzielt. Mir sinn eis sécher, dass d'Paula deem Mandat mat genau sou vill Engagement an Enthusiasmus wäert nokomme wéi de Jemp. Des Weideren si mir frou, elo mat 2 Fraen an 2 Männer zu Péiteng am Gemengerot representéiert ze sinn. D'PIRATEN Sektioun Gemeng Péiteng stellt soumat elo véier Gemengeconseilleren, de Chris Bernard, d'Paula Couto, d'Teresa Monteiro an de Christian Welter souwéi een Députéierten de Marc Goergen.